

*Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres) :*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

#### (Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

An da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4856 iwwert d'Produits biocides. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Halsdorf, Wohlfart, Kriepps, Colombero an Huss. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schroell. Den Här Schroell huet d'Wuert.

## 16. 4856 - Projet de loi relatif aux produits biocides

### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

■ M. Marco Schroell (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mat dësem Projet de loi transposéiere mir eng Direktiv vun der europäescher Kommissioun a Lëtzebuerger Recht, an zwar d'Direktiv 89/8 relative aux produits biocides. D'Ëmsetze vun dëser Direktiv accuséiert ee gewësse Retard. Lëtzebuerg ass de 16. Mee vun dësem Joer vun der Cour de Justice européenne mat engem Arrêt dorun erënnert ginn. Ech wëll awer umierken, dass d'Chamber zu dësem Zäitpunkt schonns voll an den Aarbechten engagéiert war, fir d'europäesch Virgab ëmzesetzen. Dëst nëmmen niewebäi gesot.

Här President, haut setze mir also eng Virlag ëm, déi äusserst technesch ass, an een, deen net an dës Matière ageweit ass, riskéiert net esou richtig ze verstoen ëm wat datt et geet. Dofir wëll ech, ier ech op deen techneschen Aspekt aginn, erklären, wat dann elo e Biozid ass.

Et mierkt een datt dat Wuert Bio, also Liewen, an der Expressioun „biocide“ virkënt. De Wuertdeel „cide“ kënt aus dem Latäineschen „cidere“, dat heescht doudmaachen. Dir gesitt, et kann een esouguer ze enger gewësser Missinterpretatioun komme vun deem, wat eigentlech gemengt ass.

E Biozid ass eng aktiv Substanz, oder ee Produit aus enger Mëschung vun e puer aktive Substanzen, déi eng Wierkung op lieweg Organismen hunn. D'Wierkung besteet doranner, dass den Organismus zerstéiert gëtt, oder d'Auswirkung vun dësem Organismus op aner Substanzen oder Produiten, déi solle protégéiert ginn, neutraliséiert oder verhënnert gëtt. Pestizide sinn och eng Form vu Bioziden, déi haaptsächlech an der Landwirtschaft agesat ginn, an net vun dëser Direktiv betraff sinn, well se schonn enger spezieller Reglementatioun ënnerworfen sinn.

Biozide ginn an der Alimentatioun gebraucht, fir ze konservéieren oder fir Schädlinge fern ze halen. Si gi gebraucht, fir ze botzen an ze desinfizéieren. Dëst am private Gebrauch an och an der Industrie. Si kënnen och benotzt ginn, fir Material oder Produite resistent géint Auswierkunge vu sou genannte Schädlingen ze maachen. Am Viséier vun de Biozide si Viren, Bakterien a Pilzer vun allen Zorten. Awer och méi grouss Organismen, wéi Algen, Insekten a souguer Mais a Rate kënnen viséiert ginn.

Dëst fir ze verhënnere, dass all dës Organismen oder Schädlingen iwwerhand huelen an d'Gesondheet vum Mënsch an Déier a Gefor bréngen. D'Biozide si villsäitig asetzbar an et gëtt der op d'mannst grad esou vill, wéi et Organisme gëtt, déi en negativen Afloss ausüben. Et gëtt natierlech Bioziden, also Substanzen, déi et och an der Natur gëtt. Et gëtt awer och chemesch Bioziden, déi vun der Industrie extra hiergestallt ginn.

Dës Erläuterunge wierken ëmmer nach zimlech abstrakt. Fir dass Dir lech eppes méi Konkretes iwwert d'Biozide kënnt virstellen, wëll ech lech e puer Beispiller ginn. Ech fänken u mat Botzmëttel, déi jiddereen doheem am Stot stoen huet a praktesch all Dag asetzt. All Desinfizierungsmëttel besteet op d'mannst aus enger biozider Substanz an d'Industrie ass ganz erfinderesch, fir hir Botzmëttel ënnert d'Leit ze kréien. Et ginn oft Faarfstoffer bäigemëscht a meeschten och nach e Parfum, fir dass et nom Botzen soll propper richen.

De bekannteste Produit an dësem Beräich ass den Eau de Javel, deem am Revolutionsjoer 1789 vum franséische Medeziner Claude Louis Berthollet zu Javel, engem Viruert vu Paräis, erfonden ginn ass, fir de Wäschfraen um Bord vun der Seine e Mëttel ze ginn, fir dass hir Wäsch soll nach méi propper ginn. De Javel ass haut net méi aus dem Haushalt ewech ze denken. De Javel mécht propper, hien desinfizéiert, hie bleecht an hien hält de Gestank, mä déi mannst wëssen, dass si, wa si de Javel benotzen, eigentlech e Biozid asetzen, eng Substanz, déi elo e reglementaresche Kader kritt.

Bioziden sinn och an den Holzschutzmëttel dran, déi een hält, fir doheem Gaardemiwwel aus Holz resistent ze maache géint d'Wieder, oder besser géint déi Organismen, déi d'Holz, wann et flicht ass, ugräifen an zerstëieren. E Biozid ass oft am Lack oder an der Faarf dran, déi een hält, fir unzesträichen. Am Insektespray oder an der Crème géint Moustiquen, wouopper een am Summer gären zrëckgräift, sinn och Bioziden dran.

Här President, et läit ganz an der Natur vun der Saach, dass wann een eng Substanz asetzt, déi géint lieweg Organisme virgeet, déiselwecht Substanz awer gläichzäitig en negativen Effet op de Mënsch selwer kann hunn, oder op d'Déieren an op d'Ëmwelt. Dofir soll ee bei engem Asaz vu Bioziden eng iwwerdriwwen héich Dosis vermeiden. Bei engem Biozid, wou déi negativ Séquellen net méi vertriebar sinn, oder wou eng besser, méi sécher a méi gesond Alternativ besteet, soll een dës benotzen an de schiedleche Produit vun Maart huelen. Dëst ass d'Objektiv vun der Direktiv, déi mir haut an eis Gesetzgebung iwwerhuele wëllen.

Ech sinn elo bei engem méi technesche Volet ukomm. Ech versichen, dës komplexen a komplizierten Deel an einfache Wieder zesummenzefaassen. Fir den Detail erlaben ech mir, fir all Interesséierten op d'parlamentaresch Dokumentatioun ze renvoyéiere, wou e sech e vollstännegt Bild ka maache vun der Technicitéit vun allen Dispositiounen.

Wéi schonns gesot, kann an Zukunft nëmme méi eng biozid Substanz um Marché gehandelt ginn, déi virdrun am Kader vun enger Evaluation des risques kontrolléiert ginn ass an déi keng inakzeptabel Risiken duerstellt fir d'Gesondheet vum Mënsch, dem Déier an der Ëmwelt. All zougelosse Substanz gëtt an enger europäesch zentraliséierter Annexe publizéiert. Dës Annexe kënnt also enger Liste positive communautaire gläich. All Substanz, déi net heiranner opgefouert ass, därerf net op de Marché kommen.

Conforme zum Prinzip vun der Subsidiaritéit läit et an der Verantwortung vun de Memberslänner, fir déi biozid Substanzen, déi évaluéiert gi sinn, an enger nationaler Lëscht anzeschreiwen. Déi national Lëscht ginn dann an enger gemeinsamer europäescher Positivlëscht zentraliséiert.

D'Direktiv gesäit och vir, dass all Entreprise, déi e Biozid produzéiert an en um Marché ofsëtze wëllt, en Dossier presentéiere muss, dee vun der Direktiv virgeschriwwen ass. D'Autorisatioun, fir de Biozid dierfen ze kommerzialiséieren, gëtt vum Gesondheitsminister ausgestallt. Des Weidere bedéngt d'Reconnaissance mutuelle, dass eng Autorisatioun, déi an engem Membersland ausgestallt gëtt, gläichzäitig an deenen anere Memberslänner gültig ass. D'Autorisation de mise sur le marché ënnertläit strenge Kritären, wéi zum Beispill d'Efficacitéit vum Biozid, awer och der Bedingung, dass dës Substanz keng inakzeptabel Nuisancen därerf hunn op de Mënsch, op d'Déieren an op d'Ëmwelt. Dës Evaluatioun geschitt am Kader vun der Applicatioun an am Respekt vum Principe de précaution.

Des Weideren, wéi ech virdru schonn erwähnt hat, bedeit de Principe de substitution, dass eng Substanz, déi erwisenermoossen nuisibel Effeten huet, oder wou de begrënnte Verdacht besteet, dass déi Substanz inakzeptabel Auswierkungen huet, muss duerch eng aner Substanz mat manner Risiken ersat ginn. De Principe de sauvegarde gesäit souguer vir, dass e Produit biocide ganz vum Marché muss geholl ginn, wann dësse Produit oder dës Substanz sech als bedenklech oder gefährlech erausstelle soll. Des Weidere sinn d'Autorisatiounen zäitlech op zéng Joer begrenzt a mussen no dësem Délai nei ugefrot an ausgestallt ginn.

Finalement wëll ech nach erwähnen, dass de Gesetzesvorschlag wéi d'Direktiv, streng Dispositiounen festhält, wat d'Publicitéit vun de Biozide betrëfft, grad esou wéi d'Confidentialitééit vun de kritischen Donnéeën, d'Kontrollen an d'Inspektiounen.

Här President, ech hoffen, dass meng Ausféierunge gewisen hunn, dass dës Réglementatioun wichteg ass, an d'Protectioun vun der Gesondheet vum Mënsch an den Déieren, grad esou wéi den Ëmweltschutz am Virdergrond stinn.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dovunner sinn ech iwwerzeegt.

■ M. Marco Schroell (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President vun der LSAP.

#### (Hilarité)

De Konsument soll sécher sinn, dass de Produit, dat heescht deen Désinfectant, dat Botzmëttel, deen Insecticide oder deen Holzlack, deen hie keeft, keng negativ Auswierkungen op seng Gesondheet huet. Dëst Argument eleng misst duergoen, fir dass d'Chamber der Recommandatioun vun der Gesondheitskommissioun nokënnt an dësse Projet de loi unhëlt. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

■ M. le President.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf age droen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

#### Discussion générale

■ M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4856 geet a sech op eng Direktiv zrëck aus dem Joer 1991, d'Direktiv 91/414/CEE iwwert d'Phyto-

pharmacie. An deem Kontext ass festgestallt ginn, dass et Pestizide gëtt, vun deene kee Gebrauch gemaach gëtt an der Landwirtschaft. Et ass gemengt ginn do misst frësch légiféiert ginn, et misste Produkter definéiert ginn, déi biologesch aktiv wäeren an en Usage hätten, deen net an der Landwirtschaft wär. A well dee Gebrauch ganz variabel ass, ass d'Iddi vum Biozid entstanen. Dofir dësse Projet de loi, an dofir och mäi Merci un de Rapporteur fir säi ganz ausféierleche Bericht, wou hie wierklech de Biozid als solche positionéiert huet.

E Biozid ass also kee Medikament, dat um Mënsch oder um Déier genotzt gëtt. E Biozid ass kee kosmetesch Produkt. Et huet näischt mat lesswueren ze dinn, am Sënn dass do Produiten dra gemaach ginn. Et huet näischt mat der Nahrung vun den Déieren ze dinn. Et ass kee Phytopharmaka. E Biozid, deen als Principe actif benotzt gëtt an engem Dispositif médical an engem Spidol, dat kann zum Beispill en Désinfectant sinn, fällt net méi ënnert dës Gesetzgebung. Och wann hie radioaktiv ass, fällt hien net ënnert d'Gesetzgebung vun de Bioziden.

De Biozid huet also e preventive Charakter, wéi et schonn ugeklongen ass vum Rapporteur, bei lesswueren, all Zorte vun Objeten, Baumaterialien, wéi zum Beispill Holz. Hie gëtt benotzt doheem am Haushalt, am Spidol, am Cabinet vum Dokter an am Laboratoire. Et ass also e Produit de conservation an e Produit de protection. De Biozid gëtt an allméiglechen Applikatiounen an an allméigleche Beräicher agesat, sief et géint Viren, Bakterien, Hief, Pilz, Raten, Vullen an Algen. Et gëtt also ganz vill Analogien och par rapport zu de Medikamenten. Ech wollt do, well déi strikt reglementéiert ginn, verschidde Parallélismen opzeechnen.

Do gëtt et e Medikament wéi de Lindan, wann et an engem Pudder ass, da kann et geholl ginn, wann ee Fléi um Kapp huet, respektiv bei der Krätz. Op där anerer Säit kann en awer och benotzt ginn als Biozid dobaussen an der Natur.

D'Substanze kënnen awer och natierlecher sinn. Se kënnen also op Nematoden, op Wierm zum Beispill wierken, an do ass et och nees eng kéier, dass et Produite gëtt fir Mënschen an et gëtt fir d'Ëmwelt. Et kënnen och Pilzen, Insekten, Molluske sinn. De Rapporteur huet alles dat gesot. Wat wichteg ass, den Effet bénéfique muss ëmmer prépondérant sinn. Den nützlechen Effekt ass deen, an d'Niewewierkungen op de Mënsch op d'Déier an d'Ëmwelt, déi mussen zrëckgesat ginn, esou dass mer hei also Kritären hunn, déi ganz variabel sinn. Mer mussen ee Produit hunn, dee potenziell net schiedlech ass an, wat wichteg ass, all Substanz muss évaluéiert ginn. Risikoe mussen ausgeschloss ginn.

Wat weider nach ganz wichteg ass, dat ass déi géigesätzlech Unerkennung vun deenen eenzelne Länner, par analogie och zu de Medikamenten. Wann een eng Autorisatioun de mise sur le marché an engem Land huet, ass de Produit iwwerall gültig. De Principe de précaution, de substitution an d'Clause de sauvegarde huet de Rapporteur erkläert an och de Subsidiaritätsprinzip, wou déi eenzel Länner hir Produite klaséieren an dann dat zentraliséiert gëtt, fir d'Transparenz ze schafen.

Et ass also ganz vill Analogie do zum medikamentöse Beräich, grad esou wat d'Autorisation de mise sur le marché, ugeet, déi zäitlech limitéiert ass, well wann nei Erfuerunge kommen, nei Techniken, een dann och déi néideg Schrëtt ënnerrhuele kann, fir d'Leit ze schützen.

De Rapporteur huet och d'schwaarz Seef genannt. Ech fannen dat sinn zwee gutt Beispil-

ler, fir de Leit dobaussen ze weisen ëm wat et hei geet, an och den Eau de Javel, den Hypochlorite de sodium, wat also och chemesch Substanze sinn.

Et ass och richtig, well ganz vill Analogien zum medizinesche Beräich sinn, dass just de Ministre de la Santé responsabel ass an net de Ministère de l'Environnement, wéi et ee Moment sollt sinn, dass deen och sollt Avisen hei kënne ginn.

D'Iddi fir dat iwwer Règlement grand-ducal ofzewéckelen, déi ganz Direktiv 98/08/CE, déi ass diskutéiert ginn, awer well jo den Artikel 11 vun der Verfassung seet „que la loi règle la protection de la santé“, ass gemengt ginn, hei misst ee Gesetz gemaach ginn an et kéint kee Règlement grand-ducal stattfannen. Et ass awer, mengen ech, dee richtige Wee, fir d'Ausféierungsbestëmmungen iwwer Règlement grand-ducal ze maachen, déi grouss Guidelines gi jo iwwert d'Gesetz festgeluegt.

Déiselwecht Diskussiounen gouf et och beim Règlement grand-ducal iwwert d'Modalitéite vun der Iwwerwaachung vun de Bioziden. Do ass, well dat e komplexen an technesche Beräich ass, op e Règlement grand-ducal zrëckgegraff ginn, well soss misst bei all Klientegkeet nei légiféiert ginn, wat ganz schwéierfällg wär. Do ass och nach d'Diskussioun geféiert ginn iwwert de faible risque vu Produiten. Déi Produiten, déi missten da separat iwwer Règlement grand-ducal géréiert ginn an déi aner net. Do ass et jo awer am Fong geholl um Producteur, fir dat ze beweisen an net un der Administratioun, esou dass d'Kommissioun sech hei op de Wee vum Règlement grand-ducal beginn huet.

Den Informationsfloss zwëschen deenen eenzelne Länner schéngt mer ganz wichteg ze sinn. Do wollt d'Regierung och eng Base légale schafen.

#### (Interruption)

Et ass gemengt ginn, et wär eng do. D'accord. Mir hoffen a wënschen eis, dass déi och richtig benotzt gëtt.

Een Artikel, wou ech kuerz wollt drop agoen, dat ass den Artikel 7, dee festleet, dass an extreme Fall Produiten, déi keng legal Exigencen hunn, trotzdeem op de Maart kënne kommen, wann do e Bedarf ass. Déi däreren dann 20 Deeg benotzt ginn. De Minister informéiert dann d'Bevölkerung, fir se géint Niewewierkungen ze schützen. Dat ass ganz richtig, mä hei misst ee sech d'Fro stellen, ob de Minister net sollt an all Fall, wann esou eppes ass, d'Leit informéieren, well ëmmer e potenzielle Risque do ass an et net schlecht ass, wann d'Leit am Bild sinn.

Zum Artikel 9 iwwert d'Warnungen, déi sollten an darselwechter Sprooch geféiert gi wéi d'Publicitéit, huet d'Kommissioun, mengen ech, déi richtig Décisioun geholl, well net jidderee Lëtzebuerger gesch kann, well am Originalgesetztext stong jo, dass dat op Lëtzebuergesch kënnt verfaasst ginn. Et geet drëm, fir de Verbraucher zu engem vorsiichtegen Ëmgoe mat dem Produit ze féieren.

Den Artikel 12 ass e bësschen anescht wéi am medezinesche Beräich, do fléissen déi kommerziell Elementer mat an. Hei sollt et esou sinn, dass geheim Donnéeën zrëckgehalen kënnte ginn aus kommerziellen Erwägungen eraus. D'Kommissioun war streng a verlaangt eng komplett an eng novellzéierbar Justificatioun. Ech mengen, do si mer och de richtige Wee gaangen.

D'Iwwerangsbestëmmunge vun zéng Joer, muss ech soen, do bleiwen da Produiten um Maart, wann een déi nei misst androen, wou vläicht d'Kritären net méi géifen erfëllt ginn. Dat ass eng laang Zäit an do misst een emol kucken,



ob een déi trotzdeem net eng kéier méi kuerz maache misst. Op d'mannst muss een do ganz vigilant sinn. Mir hunn zwar iwwer Amendementer an der Kommissioun méi e prezisen Text kritt, mä ech géif awer mengen, hei sollt ee ganz vigilant sinn.

Et ass gesot ginn, et ass Urgence. De 16. März 2002 hu mer nach ee Rappel vum europäesche Geriichtshaff kritt, dass mir missten dës Directiv ëmsetzen.

Et ass awer och geschriwwen ginn am Rapport, et misst no enger gewësser Zäit eng Evaluatioun gemaach gi vun den Incidencen op den Aarbechtspwand.

Déi Iddi ass net, Här Minister, fir direkt nei Leit anzustellen, mä ech géif mengen, do misst een awer relativ séier handeln, well et ass ee Beräich, dee ganz komplex ass an - wéi soll ech lech soen - wou ech der Meenung sinn, wann ee seet Ëmweltmedezin an alles wat dat mat sech bréngt, do kritt ee verschidde Situatiounen, do ass et och wichteg, dass een d'Biozide richteg cadréiert kritt. Dofir brauch een awer Leit am Ministère, déi dat maachen.

Ech géif mer wënschen, dass hei géif schnellstens eng offensiv Haltung kommen, fir dësem wichtege Beräich och eng wëssenschaftlech Approche ze ginn. Et missten also Toxikologen an Apdikter agestallt ginn oder och soss Spezialisten, a wann d'Kommissioun och punktuell Upassunge gemaach huet am Interesse vum Mënsch, vun der Allgemengheet a vun der Ëmwelt, sou ass et trotzdeem wichteg, dass hei déi wëssenschaftlech Approche mat erafléisst an dass mer dat Ganzt mat engem anere Brëll kucken.

Mir kréien ëmmer méi Leit déi Ekzemen hunn, déi Allergië kréien, déi chronesch Erkrankungen hunn. Dës Tendenz ass wierklech steigend. Mer si gefuерт an et kommen ëmmer nei Erkenntnisser iwwert d'Auswierkungen op d'Ëmwelt. An esou engem Kontext ass dës Projet de loi sécherlech ee gudden Ufank, mä en huet e minimalistesche Charakter. Ech géif mengen, mer sinn an där richteger Richtung, mä mer sollte schnell méi prezis ginn an och eis d'Moyene ginn, fir dëst Gesetz gutt ze applizéieren. Awer et ass e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung a fënn dofir och d'Zoustëmmung vun der CSV.

Villmools merci!

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

**M. Georges Wohlfart (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet de loi, deen eis de Mëtteg beschäftegt, ass, wéi de Rapporteur, de Marco Schroell, gesot huet, d'Transpositioun an d'nationaalt Recht vun enger europäescher Direktiv.

Ech mengen, et ass üblech, dass een dem Rapporteur merci seet fir déi Aarbecht, déi e geleescht huet, mä an dësem Fall wëll ech e félicitéiere fir déi kloer Aart a Weis, an där en eng ganz komplex Matière, fir vill vun ons heibannen, duergeluegt, erkläert an explizéiert huet.

**(M. Bettendorf prend la Présidence)**

Mer wëssen, dass am Fong geholl vun 1789 un, wéi duerch den Eau de Javel déi Saach lancéiert ginn ass, Bioziden um Maart sinn, déi wuel eng ganz nätzlech Saach sinn, mä och eng Saach sinn, déi net fräi ass vun Niewewierkungen op dem Mënsch seng Gesondheet. Dat ass jo och ugeklonge beim Jean-Marie Halsdorf. Ech wëll net an den Detail agoe vun deenen eenzelne Gesondheetschied, déi kënnen beim Mënsch optrieden no enger inadäquater Manipulatioun vun deene Substanzen, mä och bei den Haus-

déieren an och souguer bei den Déiere am Allgemengen, fir déi si jo am Fong geholl sollen agesat ginn.

Mer hunn hei mat der Direktiv ze dinn an hirem Zil: keng inakzeptabel Risiko fir de Mënsch, d'Déier oder d'Ëmwelt. Esou wäit esou gutt, an et ass och richtig, dass de Gesondheetsministère mat sengen zoustännege Servicer d'Kontroll iwwert dës Substanzen an iwwert déi positiv Lëschten - déi och ugeschwat gi si vum Rapporteur -, iwwerhëlt an och zoustänneg ass d'Autorisatiounen.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Villzuel vun de Produkter, ob natierleche Biozid oder och net, déi haut um Maart ugebuede ginn, an och d'Diversitéit vun deenen aktive Substanzen, déi si selwer enthalen, bréngen et mat sech, dass zum Deel schwéier Niewewierkungen op d'Gesondheet vum Mënsch, mä och onnéidegt Leiden a Péng bei den Déiere méiglech sinn, ouni heibäi och déi méiglech Auswierkungen op dat direkt Ëmfeld aus dem A ze verléieren, zum Beispill d'Veurseuchungsgefor vun de Sanitäranlagen oder och ähnlech Problemer bei de Ventilations-systemer. Ech wëll net an den Detail goen, well et sinn nach Riedner ageschriwwen, déi dat sécherlech wäerte maachen.

Also ass et fir mech kloer, dass eng grouss Virsicht soll gebuede sinn, och wann Effikassitéit sécherlech vum Konsument gewünscht ass. Zum Beispill bei deene villfaltege präventiven Uwenunge géint déi Schied vun deene Liewensmëttel, Arichtungsgéigstänn, Baumaterialien, Holz kënnen betraff ginn.

Déi Iwwerwaachung geschitt duerch e groussherzoglecht Règlement, wat nom Avis vum Statsrot soll geholl ginn an an deem d'Modalitéite vun dëser Iwwerwaachung festgeluegt ginn. Ech hunn am Prinzip domat kee Problem, mä et sinn awer zwou Saachen, wou ech ganz kuerz eng perséinlech Remarque wollt maachen.

Mech stéiert et, dass an deem Text, deen ons virläit, dat Wuert steet: „le règlement grand-ducal peut“, an da gëtt eng ganz Rei vu Saachen an Dispositiounen opgefouert, déi an a fir sech richteg a wichteg sinn, mä ech hätt mer awer gewünscht, dass een e bैसे méi e contraignant Wuert do agesat hätt.

Zweetes, dass och doniewent d'Méiglechkeet fir eng vereinfacht Prozedur, déi net all dat vum Produzent verlaangt, wat an deenen normale Prozedure virgesinn ass, kann ugebuede gi bei Präparater mat engem vermeintlech gerénge Risiko.

Ech wollt do awer emol froen, wien definéiert dës sougenannte minimalen oder kleng Risiko? Mir hunn iwwert déi lescht Joren duerch all Sparte vun der Medezin misse feststellen, dass zum Beispill och bei Medikamenter, déi Jorzéngte laang weltwäit massiv kurativ agesat gi sinn a gutt Resultater haten, no enger gewëssener Zäit awer festgestallt gouf, dass niewent deenen normale Niewewierkungen, déi bekannt ware wéi d'Produkt op de Maart koum, op eng kéier sech erausgestallt huet, dass ganz gravéierend, fir dem Mënsch seng Gesondheet ganz geféierlech Niewewierkunge festgestallt gi sinn, an d'Medikament vum Maart huet misse geholl ginn. Do hunn ech perséinlech e Problem. Ech hätt léiwer gesinn, dass mer déi Méiglechkeet net hätten, an dass mir all nei Produkt duerch déiselwecht Prozedur, déi am Règlement grand-ducal virgesinn ass, hätte misse lafe loossen.

Och de Collège médical hat relativ Problemer mat dëser vereinfachter Prozedur, well e seet, de faible risque wier nëmmen dann ze toleréieren, wann en am Fong

geholl genügend ënnermauert gi wier vun deene responsables Instanzen. Dat ass menger Meinung no net ëmmer einfach.

Iwwregens, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn esouwuel de Collège médical wéi och de Statsrot, genau wéi d'Chamberskommissioun enger Meinung. Ech mengen, dass de Gesondheetsminister soll déi potentiell Konsumente genee informéieren iwwert déi néideg Moossnamen, fir sech géint Niewewierkungen vun de Produkter, déi um Maart an am Handel sinn, ze schützen.

Zum Artikel 9 wollt ech just nach e Wuert soen, well deen am Fong geholl, menger Meinung no, dat ënnersträicht, wat ech virdru gesot hunn am Kontext mat deem moindre risque.

Am Artikel 9 gëtt gesot, dass wa Reklamm gemaacht gëtt fir déi nei Mëttelen, déi op de Maart kommen, da missten dobäi ganz kloer och Saache stoen, fir d'Leit ze warnen, wéi se sollen dës Produkter handhaben a wéi se ze gebrauche sinn. Mä am Paragraph 2 ass virgesinn, dass op kee Fall däréi Mentoun gemaach ginn, dass dat Produkt, wat ugebuede gëtt, e Produit biocide à faible risque ass. Wa mer dat also schonn net kënnen an der Reklamm soen an awer dat Produkt net einfach wëlle verbidden, ass fir mech nach eng kéier en Argument fir dat, wat ech viru gesot hunn, ze ënnermauern.

Nach ee Wuert, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu der Autorisatiounszeit vun zéng Joer. Dat schéngt mer och relativ laang ze sinn. Wann e Produkt um Maart ass a während zéng Joer laang kann een do net ganz vill ënnerhuelen, dann ass dat vum Standpunkt vun der Gesondheetsapproche net onbedéngt dat Gielt vum Ee.

Trotz dës Kritikken, déi ech un der Gesetzesvirlag elo virbruecht hunn, wëll ech awer ënnersträichen, wéi och meng Virriedner et gemaach hunn, dass et en éischte Schrëtt ass an déi richteg Richtung, ënner enger Konditioun, dass mer éischstens emol eng total Transparenz spille loossen, wat d'Informatioun vum Konsument ugeet am Kader vun engem präventive Gesondheetsschutz, an och zweetens, dass mer d'Moyenë kréien am Ministère an an de Servicer, fir déi Kontrollen, déi do noutwendeg sinn, kënnen duerchzeféieren. Wann dat de Fall sollt sinn an den nächste Joren, an och mat där Oplag, dass mer dat Gesetz hei nach eng kéier an e puer Joer op de Leescht huelen, kann ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dëser Emsetzung vun der Direktiv bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Wohlfart. Den nächsten Orateur ass den Här Alexandre Krieps.

**M. Alexandre Krieps (DP).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, onsen alleréischte Luef geet natierlech un de Rapporteur Marco Schroell, fir säi komplette schrëftleche Bericht a fir säin didaktische mëndleche Rapport.

Wat bréngt ons d'Ëmsetze vun dëser Direktiv an ons national Gesetzgebung? Wa mir de Gros vun deene Produits biocides als Produits finis importéieren, kréie mer méi Garantien, dass se gepréift si ginn. Et ass ze hoffen, dass dat och gemaach gëtt, a se besser kontrolléiert gi sinn op hir Geféierlechkeet a Verträglechkeet. Also bréngt dës Projet de loi e bessere Schutz vum Mënsch a vum Déier, e bessere Schutz vum lesse fir de Mënsch a fir d'Déier, an e bessere Schutz vun inerte Mate-

rialien oder Hölzer. D'Schräiner soe jo gewéinlech, dass d'Holz laang schafft, wéi ons Dammen och, an dass déi meeschtens zu enger besserer Liewensqualitéit vum Mënsch bäidroen. Dat Gesetz bréngt méi geregelt Verhältnisser beim Iwwerpräiwe vun der Geféierlechkeet vun deene Produiten.

En zweete Luef natierlech muss onbedéngt och un d'Politik goen, un d'Ëmweltorganisationen an esouguer un d'Industrie, déi allen dräi an de leschten 30 Joer vill Fortschrëter erbäigefouert hunn an dësem Domän. Vill geféierlech a ganz geféierlech Produite si lues a lues verschwonnen oder wäerten an Zukunft nach verschwannen.

**(Interruption)**

Alleguer nach net, Madame Wagener, do hutt Dir Recht, mä dat kënnt jo nach. D'Kollektivbewusstsein gëtt also duerch e Gesetz, wéi dat hei gestärkt. Um individuelle Plang muss ee wuel soen, dass deen eenzelne Bierger nach ni gezwonge ginn ass, fir dës Produiten ze gebrauchen. Et ass och haut jidderengem erlaabt, fir sech net ze wäuschen, fir sän lessen zou sech ze huelen, wat zersat ass vu Wierm oder Gréngespoun, sech vu Moustiquë stiechen ze loossen, oder sech mat Esseg oder esouguer Brennesselspiz ze desinfizéieren. Ech kënnt där Beispiller nach vill viruféieren. De Virdeel vum Esseg ass, dass mir eng Fabrik am Land hunn.

Frot ons Hausfraen, wat den Eau de Javel hinne bruecht huet an nach brénge wäert. De Gros vun deene Produiten, Madame Wagener, déi mer haut um Maart hunn an am Verbrauch, bréngen dem Mënsch keng Krankheetsgeforen. Si bréngen heiansdo e puer Symptomer. Déi Symptomer gi vum Hoerausfall iwwer Hautreaktiounen, Kappwéi bis hin zum décke Kapp, Nervositéit an haaptsächlech en hypochondrescht Behuelen.

**(Hilarité)**

Ech mengen, Dir kennt mech jo, loosst mech dat do gesot hunn. Wierm an aner mikrobiologesch Killer, Här Huss, hunn dem Mënsch an dem Déier an der Vergaangenheet vill méi geschuet wéi déi Bioziden. An heibannen hoffen ech net, dass iergendeen d'International vun de Kackelacken a vun de Rate vertritt. Verschidde Kolleegen hunn an der Kommissioun bedauert, dass déi zéngjäreg Iwwergangsperiod ze laang ass. Ech gleewen och, dass déi Period vläicht laang ass, mä aus techneschen Ursaachen net allzelaang ass.

Leschten Enns gëllt et d'Leit opzefuerderen, fir spuersam mat deene Produiten ëmzegoen an se och ënner Ëmstänn ausser Räichwäit vun de Kanner ze halen, fir domestesch Accidenter ze vermeiden. Ech gleewen, dass d'demokratesch Fraktioun ënnert dem Jean-Paul Ripinger hei mengt, dass dee Projet de loi e gudde Beitrag ass fir d'Verbesserung vun de Ökosystemer vu Mënsch an Déier, an ech gleewen, dass et och e Beitrag ass, Här Di Bartolomeo, zu enger besserer Bionomie, dat heescht d'Gestioun vun der lieweger Welt. Folglech bréngen ech den Accord vun onser Fraktioun zu dësem Projet. Merci villmools.

**M. le Président.** - Den nächsten Orateur ass den Här Colombero, Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vläicht net esou einfach, wéi den honorabelen Här Krieps dat hei geschildert huet.

**(Hilarité générale)**

Den Här Halsdorf huet vun engem minimalistesche Charakter geschwat, a mir sinn hei bei engem

Projet, wou eng Urgence ass. Dat heescht, dee Projet hätt scho laang missen duerchgesat ginn, mä leider ass dat net geschitt. Dat heescht an anere Wieder, dass de ganze Projet hei nëmme Wand ass.

Fir d'éischt e Merci un de Rapporteur vun dësem Projet, den Här Marco Schroell, fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Mir beschäftegen eis haut mat engem Gesetzesprojet iwwer biozidesch Produkter, wou een am Prinzip domadder d'accord kéint sinn, well versicht gëtt, fir d'Gesondheet vum Mënsch, vum Déier an d'Ëmwelt ze schützen. U sech ass dat eng nobel Saach.

Wa mer elo den Text méi no studéieren, da gesi mer verschidde Schwaachpunkten, déi ech hei wëll opzielen. Och muss ee sech d'Fro stellen, wien deen heiten Text verfaasst huet. Op jiddfer Fall, war et net en Expert vum Gesondheetswiesen, mä et war en Expert vum Krankheetswiesen.

Ech wëllt mat der Iwwerschrëft ufänken a rezitéieren den Här Schroell: Biozide, wat heescht dat? Bio heescht Liewen, cide kënnt vum latänesche Wuert cidere, dat heescht doudmaachen. Biozide heescht also e Produkt oder eng Substanz wat Liewen doudmécht.

Här President, wann een d'Liewen doudmécht, do kann ee schonn d'Hingerhaut kréien. Mä et ass mëttlerweil gewosst, dass de Mënsch guer kee Problem huet, fir Liewen auszuläsch. Dofir wäerten héchstwahrscheinlech net vill Leit sech dru stéieren, fir dëst Wuert ze gebrauchen. Ech mengersäits hätt éischter d'Wuert xenobiotesch gebraucht. Dat heescht liewensfriem. Also wäit ewech vum Liewen. Wann een elo dat Wuert Biozid am Dictionnaire nokuckt, da stéisst een op dat Wuert Pestizid, also ee chemesche Stoff zur Schädlingsbekämpfung. Esou wäit esou gutt.

An eiseem Gesetzesprojet, dee mer haut hei virleien hunn, gëtt awer een Ennerscheid gemaach tësche Pestiziden, déi an der Landwirtschaft gebraucht ginn, a Pestiziden, déi an den Haushälter gebraucht ginn. Wéi zum Beispill Mëttele fir ze desinfizéieren, Léisungsmëttel, Holzschutzmëttel an aner parasitär Schutzmëttelen.

Et gëtt awer kee Wuert doriwwer gesot, wat op der Aarbechtspolz geschitt, am Professionellen? Wat geschitt mat deene schwangere Fraen, déi an enger Industrie schaffen an déi esou Léisungsmëttelen ausgelievert sinn? An et sinn och dës lescht genannte Mëtelen, ëm déi et sech bei dësem Gesetzesprojet handelt. Biozid ass also de falschen Terme.

Wa mer bedenken, Här President, dass mer e Gesetz hunn - nämlech d'Gesetz vum 20. Februar 1968 -, wou déi zwou Zorte vu Pestiziden an engem Projet abegraff sinn, da gesi mer elo, dass déi landwirtschaftlech Pestiziden an de Landwirtschaftsministère verwise ginn, an d'Haushaltspestiziden an de Gesondheetsministère. Dat ass eng ganz falsch Décisioun, well alles wat d'Gesondheet vun den Déieren ugeet, betrëfft schlussendlech an der biologescher Ketten och de Mënsch. An dat hätt ni därfe getrennt ginn. Esou weess déi lénks Hand net méi wat déi riets Hand mécht, an déi riets Hand weess net méi wat déi lénks Hand mécht.

Mä leider mussen mir - an ech betounen dat Wuert mussen - eng europäesch Direktiv mat der Nummer 98/8/CE vum 16 Februar 1998 ëmsetzen, fir en eenheetleche Maart ze kréien. Mir mussen also erëm eng kéier dat schlécken, wat déi europäesch bürokratesch Paperassenzentral eis opzwéngt. Mat esou engem Europa kann ech net a wëll ech mech net identifzéieren.



**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här Colombera, dat sinn d'Länner déi dat maachen. Net eng Zentral. Et sinn déi eenzel Länner, déi dat gemaach hunn.

**M. Jean Colombera (ADR).**- Här Fayot, ech ginn dem Här Huss Recht, wann e seet, mir misste selwer eis Programmer élaboreren. Mir misste méi Spillraum kréien. Mä deem hu mer hei net. Wéi absurd dëst Gesetz ass, beweist d'Tatsaach, dass nëmmen déi virgenannte Substanzen a Fro kommen: nämlech Holzschutzmittel, Desinfektionsmittel, Faarwen a Lacken. Awer all aner biozidesch Substanzen, déi an de Medikamenter, an de kosmetesche Produkter oder an den lessuere sinn - wéi zum Beispill Konservierungsstoffe oder Faarfstoffe -, déi si vun dësem Gesetz ausgeschloss. An dann téine mir déck iwwert de Schutz vun der Gesondheet vun de Leit a vun den Déieren.

An elo Här President, deem éischten Hummer. D'Autorisatioun vun dese Produkter ass nëmme méiglech, wann dës Produkter keng inakzeptabel Wierkung fir de Kierper hunn. Dat heescht, datt hei vun Niewewierkunge geschwat gëtt, wéi den Doud, Lähmungen oder Schock, awer et gëtt guer net vu Saachen geschwat, déi den Här Halsdorf opgezielt huet: Ekzema, Angschtzoustänn, Schlafsteierungen, déi eng Vergëftung vum Nervensystem sinn.

An den Här Krieps huet hei op eng ganz hypokritesch Aart a Weis gesot dat wäeren Hypochonder. Domat sinn ech net d'accord Här Krieps. Mir hunn zwar alleguerten e Remède dofir. Mir kënnen sou Symptomer mat Gëftpëllen - entschëllegt Här President -, mat Medikamenter behandelen, awer dovunner wëll ech mech ganz distanzéieren.

Et gëtt ee Low level-Beräich, an ech ginn d'Exempel vum Ethylène Glycol, deem seng Limite mat 0,5% duergestallt ass. Wa mer elo een Zëmmer vu 16 m<sup>2</sup> usträichen, Här President, dann ass de Risiko, fir krank ze ginn, 1.000mol méi grouss, wéi wann dat Zëmmer net ugestrach gi wier. Trotzdem ass d'Limite vun 0,5% awer eng Norme, déi akzeptéiert ass. Domat kann een net d'accord sinn. Dës Produkter däerfen och keng Resistenzen ausléisen, a si däerfen och keng onnëtz Péng a Leed bei de méi héich entwéckelte Liewewiese provozéieren.

Abee, datt mir nach am Joer 2002 mat Déieren onnëtz Experimentier virhuelen an déi toleréieren, an dat muss een och hei betounen, well déi Medikamenter, déi Mëttelen, egal wéi ee se elo hei wëllt nennen, déi ginn un Déieren experimentéiert, dat ass dem Homo sapiens offensichtlech egal.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

An elo, Här President, den zweeten Hummer. Déi europäesch Direktiv ass vum 16. Februar 1998. Dës Direktiv huet dräi Annexen, nämlech d'Annexe 1, d'Annexe 1a) an d'Annexe 1b), wou déi Bioziden agedroe ginn. Dës dräi Annexen, déi si momentan nach eidel. Dat heescht, et steet nach näischt dran. Et däerfen nëmmen aktiv Substanzen autoriséiert ginn, déi op deenen dräi Annexen sinn. Dat heescht, fir de Moment kënn jo keng a Fro, well déi dräi Annexen eidel sinn. Awer, op där anerer Säit, all Produkt, wat virun dem 14. Mee 2000 um Maart war, dat däréi ouni Problem um Maart bliewen, sou wéi den Här Krieps gesot huet. D'Eau de Javel och. An anere Wierder, all déi gëfteg Substanzen, wéi de Lindan, Parathion, Formaldehyd, Quecksilberverbindungen an esou weider, déi däréi weiderhi gebraucht ginn. Här President, dat schéngt mir awer net am Sënn vun enger präventiver Gesondheetspolitik sinn, fir de Mënsch, d'Déieren an d'Ëmwelt ze schützen.

Da gëtt gesot, Här President, datt alleguerten déi Substanzen, déi nëmmen ee kleng Gesondheitsrisiko hunn, eng vereinfacht Autorisatiounsprozedur wäerten duerchlafen. Et soll mir, wann ech gelift, een heibanne soen - an den Här Wohlfart huet mat Recht drop higewisen -, wat dat heescht, ee klengen Gesondheitsrisiko? Et ass bekannt, datt d'Additioun vu Gëftstoffen obligatoresch zu Immunschwächt féiert.

Da gëtt an dësem Gesetzesprojekt och vun engem Règlement grand-ducal geschwat, deem nach komme wäert. Mä wéini, Här Minister, kënn dese Règlement grand-ducal? A wat wëllt Dir domadder soen? Mir haten awer och festgehale, datt mer kee Gesetz méi géife stëmmen, ouni datt de Règlement grand-ducal annexéiert wier.

Mam Artikel 12 hunn ech och meng Schwierigkeeten. Do steet geschriwwen, datt de Minister decidéiert, datt verschidden Informatiounen vertraulech kënnen behandelt ginn, an net ënnert d'Leit däréi kommen. Dat schéngt mer awer ee ganz onglécklechen Artikel, Här Minister. Et wär besser gewiescht, fir op dësen Artikel ze verzichten. Op jiddfer Fall, Här Minister, hätt ech gären eng ganz offiziell Stellungsnam zu dësem Artikel.

Wat heescht hei eng vertraulech Informatioun zwëschen dem Hiersteller vun engem Produkt an dem zoustännige Minister? Erkläert eis dat wann ech gelift, Dir sidd jo bereet zum Dialog an zur Transparenz. D'Fazit vun dësem Gesetzesprojekt ass, datt dese Gesetzesprojekt zevill restriktiv ugeluegt ass, hyperselektiv ass an e minimalisteschem Charakter huet.

Och ass dese Gesetzestext ee weidere Schratt zu engem zentraliséierten Europa, vun deem mir eis als ADR distanzéieren. Dese Gesetzestext ass geduecht, fir d'Leit ze berouegen. Et ass awer eng falsch Sécherheet. Dese Gesetzestext erlaabt weider Fuerschung ze bedreiwen um Bockel vun den Déieren als Versuchskarnickel.

Weider schwätzt d'Direktiv 98/8/CE vu positive communautaire Lëschten. Wann ech de Begrëff positiv Lëscht héieren, Här President, da geet bei mir e Warnsignal un. Mir wësse ganz genau, wat déi positiv Lëscht vun de Medikamenter eis hei zu Lëtzebuerg bruecht huet, nämlech dass d'homeopathesch Medikamenter net méi zréckbezuelt ginn. Hoffentlech wäert déi positiv communautaire Lëscht sech vun deene genmanipuléierte Viren oder Mikroben distanzéieren. Et wär net onméiglech, an och net contraire zu dësem Gesetz, wann esou genmanipuléiert Mikroorganisme géifen agesat ginn.

Hei ass an Zukunft alles méiglech.

Här President, ech hunn e ganz onwuel Gefill, wann ech dëst Gesetz liesen. Ech géif menger Fraktioun proposéieren, wéinst esou vill Ongereimtheeten, dëst Gesetz ofzelehnen, obschonn dat Gesetz vläicht gutt ass.

**(Brouhaha général)**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Also neen, entweder et ass gutt oder et ass net gutt.

**M. Jean Colombera (ADR).**- Am Prinzip ass et gutt, Här Di Bartolomeo, et soll een eppes maache fir déi preventiv Medizin, mä esou wéi dat Gesetz hei duergeluegt ginn ass, domat kënnen mir net d'accord sinn. Ech géif menger Fraktioun proposéieren, fir dat Gesetz hei ofzelehnen. Merci.

**(Interruptions diverses)**

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4856 baséiert op der EU-Direktiv 98/8/CE, déi op de 16. Februar 1998 datéiert ass an déi eigentlech hätt missten innerhalb vun zwee Joer ëmgemat ginn.

D'Zil vun dëser Direktiv ass d'Reglementatioun vun der Zouloosung vu Bioziden, dat heescht haaptsächlech vun Désinfektanten, Holzschutzmittel, Insektiziden an esou virun an Innenraum, dat heescht doheem an der Wunneng oder a Büroe. Et soll sech ëm ronn 1.400 verschide Wirkstoffe handeln, woubäi dann eng sou genannte Positivlëscht vun akzeptéierte Produits soll erstallt ginn.

Zu dësem Projet, zu dëser Direktiv kann een am Fong zwou méiglech Haltungen hunn. Et kéint een éischten soen, dass et skandaléis ass, dass et bis zu dësem Dag iwwerhaupt keng Regelunge fir Bioziden an den Innenraum ginn ass. Dat ass e Skandal, wann ee weess, dass duerch déi Absenz hei am Land honnerte vu Leit an am Ausland, an de gréissere Länner, wahrscheinlech zéngtausenden, wann net honnerttausende vu Leit duerch esou Bioziden, wéi zum Beispill Holzschutzmittel, an hirer Gesondheet dramatesch geschiedegt gi sinn. Et kann een natierlech och, wann een déi Saach méi positiv gesäit, soen: Okay, et ass bis haut näischt geschitt, mä elo geschitt jo endlech eppes an et ass gutt, dass iwwerhaupt endlech eppes geschitt.

Bon, als Politiker ass et natierlech kloer, dass een ëmmer Verbesserung vu schlechte Situatiounen soll ënnerstëtzen, wat eis - dat muss ech awer hei soen - an dësem Fall ganz schwéier fällt, well d'Verbesserungen an dësem Projet de loi an an dëser Direktiv, zwar an déi richteg Richtung weisen, awer fir eis bei Wäitem net wäit genuch ginn, a well eng Rei vun Dispositiounen a Punkten dra sinn, déi fir eis strictement inakzeptabel sinn. Dat ass de Grond, firwat dass mir net fir déi Direktiv wäerte stëmmen. Mir stëmmen net dogéint, mä mir wäerten eis aus deene Grënn enthalten. Mä wourëmmer geet et iwwerhaupt bei dëser Diskussioun?

Dir Dammen an Dir Hären, schonns ufanks vun den 80 Joren sinn an e puer Länner ronderëm eis Gesondheitsproblemer opgetaucht a Relatioun mat Chemikalien, déi an Haushalter oder Büroe agebaut gi sinn, zum Beispill duerch Insektiziden, Désinfektanten, Holzschutzmittel an esou virun, oder déi an den Haiser versprézt gi sinn. Den éischte grouss Verbraucherschutz- a Gesondheitskandal an deem dote Kontext war an Däitschland, an zwar dee berüchtesten Holzschutzmittelprozess ëm de Stoff Pentachlorophenol, an Holzschutzmittel aus den 80er Joren, wou zéngtausende vu Leit an Däitschland do duerch geschiedegt gi sinn an hirer Gesondheet. Och hei zu Lëtzebuerg si Leit - dat ass eis bekannt - geschiedegt ginn eleng duerch deem dote Stoff an hiren Haiser.

Ongeféier vun 1990 un ass allgemeng ëmmer méi staark vun Innenraumbelastungen oder vu Wunnegëfter geschwat ginn. Am englesche Sproochgebrauch huet dat geheescht Indoor pollution oder Sick-Building-Syndrom. Trotzdem, an dat ass skandaléis, ass elo zéng Joer laang, vun 1990 un, obscho vun Indoor pollution geschwat ginn ass, näischt geschitt. Elo eréischt, iwwert dës europäesch Direktiv an iwwert dëse Projet de loi, soll et zu gesetzlechen Zouloossungsbeschränkungen oder Regelunge kommen, obschonn an deene leschte Joren

d'Leit an de renovéierte Wunnenge krank gi sinn, an dat geschitt och nach haut an de Wunnenge.

Ech erlabe mer lech e puer Fakten an Zuelen ze nennen, fir d'Beleaschtung vu ville Wunnenge hei am Land mä och europawäit, mat dese gëftege Stoffe ze illustréieren. Ech hunn eng kleng Zeitungsnotiz hei vum 28. Mee 2002 aus enger däitscher Zeitung iwwer eng Etüd vum World Wide Fund for Nature a vun der Verbraucherzentral vun Nordrhein-Westfalen, an ech zitieren: „Die deutschen Haushalte sind mit hochgiftigen gesundheitsschädlichen Chemikalien verseucht.“ An där klenger Notiz gëtt virun allem vu Bioziden a Wunnraum geschwat, zum Beispill vu Mëttelen zur Schädlingsbekämpfung oder vu Mëttelen, déi an Teppecher enthale sinn, Permethrin an esou virun, déi souguer Wollsiegel gepréift sinn, déi anscheinend och ganz staarkt solle sinn, déi awer a Wierklechkeet Pyrethroiden degagéieren.

Eng zweet kuerz Notiz: Laut rezente Moossunge vum däitsche Bundesbauministerium, emol net vum Ëmweltministerium oder vum Gesondheitsministerium, sinn an de Feinstëbser an an der Loft vun de Wunnraum an däitsche Wunnenge méi wéi dausend gëfteg Substanzen festgestallt ginn. D'Moyenne vun deene Wunnenge, déi ënnersicht gi sinn, huet erginn, dass d'Loftbeleaschtung duerch d'Feinstëbser an der Wunneng selwer, also d'gazeuse Beleaschtung, sechs- bis aachtmol méi héich war wéi an der Ausse-loft. Ech mengen, dass esou Beleaschtungen an engem Wunnraum awer missten ze denke ginn, fir da vläicht eng Iddi méi wäit denken ze kënnen, wéi dat den honorablen Här Krieps hei gemaach huet, dee vun Hypochonder geschwat huet.

**M. Alexandre Krieps (DP).**- Dat waren Är däitsch Kolleegen, déi Gréng. Déi sëtzen dach an der Regierung. Wat maachen déi da géint déi dote Problematik?

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Ech géif soen, Här Krieps, dass déi däitsch Gréng an där dote Saach mat Sécherheet vill méi gemaach hunn, wéi Är Demokratesch Partei hei zu Lëtzebuerg. Si hunn a mengen An nach net genuch doranner gemaach, ganz einfach, well et wierklech, wéi den Här Schroell richteg gesot huet, eng komplex Problematik ass. Dat ass ganz richteg, mä si sinn awer dobäi a si sinn déi Kraaft an Däitschland, déi am meeschten op deem doten Terrain geschafft huet a schafft.

En drëtter kuerzen Hiweis, Här Krieps: Zënter 1994 huet hei zu Lëtzebuerg d'Lëtzeburger Ëmweltambulanz am Ministère de la Santé ronn 350 bis 400 Wunnenge pro Joer op Bioziden ënner anerem ënnersicht. Och hei zu Lëtzebuerg si ganz heefeg Beleaschtungen an den Haiser mat Bioziden, zum Beispill mat Pentachlorphenol, mat Lindan oder mat Pyrethroiden festgestallt ginn, an neierdëngs och mat anere Substanzen, wéi Flammschutzmittel, Weichmacher an esou virun, déi d'Gesondheet schiedege kënnen.

Vläicht eng Zuel, fir lech deem Aspekt vun den Holzschutzmittel ze illustréieren. Um europäesche Marché si 1.500 verschidden Holzschutzmittel ongepréift op Gesondheetsschied am fräie Verkauf. Elo eréischt soll ugefaange ginn esou Mëttelen ze präifen, fir se zu enger Zouloosung ze bréngen. Dat sinn d'Realitéiten.

Véierte Punkt: Net nëmmen, dass hei zu Lëtzebuerg an de Wunnenge héich Konzentratiounen fonnt gi si vun esou Substanzen, mä hei zu Lëtzebuerg ass et zu deem komm, wat den honorablen Här Halsdorf gesot huet, dass ëmmer méi Krankheeten opkommen, déi a Relatioun mat deene Wunnraumbelaaschtunge stinn. Zum Beispill

gëtt et ëmmer méi staark Polyneuropathien, dat heescht Nervensystembelaaschtungen, awer och Immunsteierungen, Allergien, Kriibs, an esou virun. Och psychesch Belaaschtungen, déi domadder a Relatioun bruecht kënnen ginn, sinn hei a Lëtzebuerg opgetratt.

Mir hunn neierdëngs déi éischte Fall vun der sou genannte Multiple chemical sensitivity, dat heescht, wou Dir Leit hutt, déi och Ären Eau de Javel, Här Schroell, emol net méi kënnen richen, déi deem emol net méi verdroen. Dat sinn, Gott sei Dank, nach Eenzelfäll, mä mir kenne bei AKUT hei am Land perséinlech eng Rei vu Fäll, déi esou wäit sinn, dass si iwwerhaupt keng Chemikalië méi verdroe kënnen.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.**- Entschëllegt, Här Huss, Dir kënnt jo awer net soen, dass am Niveau vum Contrôle vun de Wunnenge näischt geschitt wär.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Här Wagner, ech hunn elo just gesot, dass eppes geschitt ass. Ech hu gesot, dass all Joer Wunnenge ënnersicht gi sinn, an dass dobäi Saachen erausfonnt gi sinn. Ech hunn lech jo elo kee Reproche gemaach. Ech hu gesot, dass Wunnenge dorop ënnersicht gi sinn, an dass et festgestallt ginn ass. Dat heescht de Problem besteet. Ech soe just: Et ass skandaléis, dass déi Saachen während zéng Joer festgestallt gi sinn, dass awer näischt ënnerhollt ginn ass, fir dem Problem entgéint ze wierken, dass keng Preventioun gemaach ginn ass, weder hei a Lëtzebuerg nach um europäesche Plang, fir ze verhënnere, dass esou Substanzen iwwerhaupt kënnen an d'Haiser gelaangen.

Fënnfte Punkt: Well ech niewent mengem Deputéiertemandat zënter zéng Joer elo bei AKUT an der Berodungsgrupp schaffen, weess ech an hunn ech konkret gesinn, wat d'Gesondheetsschied si vu Leit, déi ënner Wunnegëfter gelidden hunn a wat fir e perséinlech Leed déi Betraffen hu misste matmaachen. Si hunn net nëmmen hir Gesondheet geschiedegt gesinn, mä si hunn heiansdo ganz deier Sanéierung vun hiren Haiser, vu Wunnraum a vu Schlofzëmmeren misste maachen, wat si d'An aus dem Kapp kascht huet. Hir Gesondheet war trotzdem geschiedegt. Ech mengen, dat si Fakten, déi mir müssen an deem dote Kontext festhalen.

Eppes, Här Wagner, fir lech dann nach méi entgéint ze kommen. Et ass dofir begrëssenswäert, souguer absolut begrëssenswäert, dass Dir et ënnerstëtzt hutt, dass hei a Lëtzebuerg eng Partie Medeziner konnten eng ëmweltmedezinesch Weiterbildung maachen. Et sinn der elo 23, déi vun lech den Diplom iwwerreecht kritt hunn ufanks Oktober. Dat ass eng absolut begrëssenswäert Initiativ, déi weist, dass vun lech, mindestens am Ennerscheid vun Här Krieps, déi Problematik vun der Umweltmedizin seriö geholl gëtt.

Et ass gutt esou, dass déi Medeziner déi Ausbildung kritt hunn, mä vill besser wier, an eisen An, oder mindestens grad esou wichteg, awer och preventiv dofir ze sueren, dass d'Leit net méi duerch Wunnegëfter kënnen krank ginn. Wat heescht preventiv handeln? Dat heescht esou Substanzen wéi Bioziden, däerfen net zougeloooss ginn, wa si an Innenraum Mënsche krankmaachen.

Bis elo ass, wéi gesot, praktesch alles do erlaabt gewiescht. Et war en totale Fräiraum fir d'chemesch Industrie, fir egal wat op de Marché ze bréngen, mat egal wat, wat op den Etiquetten huet dierfe stoen, bei Produiten déi staark nerveschiedlech ware stoung dann nach Biokill op der Etiquette, obwuel Pyrethroiden dran enthale sinn.



Bon, ech hunn am Ufank gesot, wourëmmer et beim Projet konkret geet, nämlech ëm en neit Zouloossungsverfahren an och ëm eng esou genannte positiv Lëscht vun den zougeloossene Bioziden. Ech hunn och gesot, datt mer zumindest elo en éischte richteg Schrëtt maachen an eng richteg Richtung. Et sinn an där Direktiv an am Projet och eng Rei positiv Punkten op déi ee kann hiweisen.

Ech fannen, fir der nëmmen zwee erauszegräifen, et positiv, datt mindestens an der Direktiv am Artikel 3.7 vun der Kommissioun gesot gëtt, datt misst drop higewierkt ginn, fir de Biozidgebrauch op e strikte Minimum anzeschränken. Och fannen ech et positiv, datt am Artikel 32 vun der Direktiv iwwert d'Clause de sauvegarde den eenzele Staten et erlaabt gëtt, e Produit am Gebrauch ze limitéieren oder ganz ze verbidden, wann d'Vermutung an deem Stat konnt begrënn ginn, datt et zu Gesondheetsschied duerch dee Produit géif kommen. Mä, dësen éischte Schrëtt an déi richteg Richtung geet eis, wéi gesot, bei wäitem net wäit genuch.

Deene positive Punkte stinn allerdéngs eng Rei vun negative Punkte vis-à-vis, déi vun enger Rei vu menge Virriedner och schonn hei virbruecht gi sinn. An eisen Ae si grondsätzlech all chemesch Biozide problematesch an et wier dréngend noutwendeg, also preventiv, fir d'éischt emol eng Kéier eng Information globale ze maachen, breet ugeluegten Informationscampagnen ze maache par rapport zu der Opinion publique, fir d'Leit ze warne virun engem Gebrauch vu Produiten, déi wierklech hir Gesondheet kënne schiedegen. An zwar esouwuel am Haus wéi och am Hobbyberäich, wou d'Leit esou Saachen asetzen, oder zum Beispill am Virgärtchen, wou se sprëtzen, awer jee nodeem wéi d'Wandrichtung ass, kommen duerch déi oppen Terrassendier, d'Produiten an d'Haus eran.

Déi eenzeg gutt Bioziden, a mengen Aen, déi et gëtt, dat sinn déi Bioziden, déi iwwerhaupt net gebraucht ginn.

En zweete Punkt, an dat ass eis Aschtzung, bleibt, och mat där virleiender Direktiv a mat dësem Projet de loi, de Verbraucherschutz an de Gesondheetsschutz absolut onkomplett. Et gëtt keen ausreichende Schutz vun Immunsystem an dem Nervensystem vun de Mënsche garantéiert.

En drëtten Punkt -wat dräi Virriedner scho gesot hunn -, an ech sinn do absolut d'accord, zum Beispill mam Här Wohlfart, och mam Här Colombero, dat sinn déi sougenannte Substances à faible toxicité, déi sollen iwwer Procédures d'autorisation simplifiées kënne op de Marché kommen. Dat ass fir eis inakzeptabel, well d'Definitioun vun der sougenannter faible toxicité absolut onkloer an zweifelhaft ass. Esou ginn zum Beispill vun der chemescher Industrie Pyrethroiden als praktesch harmlos duergestallt, während op där anerer Säit kritesch Toxikologen an Ëmweltmedeziner vun engem heijen neurotoxische Potenzial schwätzen. Se bréngen dës Substanzen heefech mat Krankheeten a Relatioun.

Véierte Punkt, dee mer keng Zefriddenheet gëtt, dat sinn d'Testmethode mat deenen d'Toxicitéit vun de Substanzen évaluéiert gëtt. Déi ginn an den Annexé beschriwwen. Wat gëtt do gesot? Do gëtt eng Rei vu positive Punkte natierlech och erwähnt, et gëtt ënnersicht ob se lerschied kënne maachen, et gëtt ënnersicht, ob et Sensibiliséierung ass an esou virun. Dat sinn alles ganz richteg Saachen, noutwendeg Saachen. D'Neurotoxicitéit misst, an eisen Aen, vill méi staark an dësem Beräich ënnersicht ginn.

Déi Tester, wéi ginn déi gemaach? Den Här Colombero huet scho vun den Déiereversucher geschwat. Déi Tester ginn haaptsächlech an Déiereversich iwwert d'Fidderung gemaach. Dat heescht, d'Déiere kréien déi Substanzen an d'Fudder gemaach an da friesse se dat. Oder et ginn Tester mat Zellkulture gemaach, mä dat sinn haaptsächlech d'Kuerzzäitversich, an zwar Kuerzzäitversich un enger eenzeger Substanz.

D'Realitéit vu Wunnaumbelaaschtungen mat Bioziden, an och mat anere Stoffen, ass awer komplett anescht. D'Expositioun vun de Leit, vun de Kanner an hire Schlofzëmmer ass praktesch ni déi vun enger eenzeger Substanz, mä et ass praktesch ëmmer e Substanzgemësch. E Mix vu verschiddene Bioziden an anere Chemikalien, oder och ganz oft Léisungsmëttel, oder och ganz oft Léisungsmëttel, wou mer d'Synergien dovun an d'Kombinatiounswirkung mol haut net kënne evaluéieren, mä déi awer krank kënne maachen.

D'Expositioun verleeft och net wéi am Déiereversuch iwwert d'Bäimëschung vu Fudder, mä bei de Leit an hiren Haiser haaptsächlech iwwert d'Anotmen, iwwert d'Inhalatioun, zum Beispill bei Holzschutzmittel. Inhaléiert Holzschutzmittel si vill méi geféierlech, wéi dat iwwert gefiddert Mëttelen an engem Déierefudder de Fall ass, well duerch d'Otmung kommen déi Produkter direkt an de Nervensystem a schiedegen dann den Nerven- an den Immunsystem.

Doniewent kënnt, datt beim Déier Kuerzzäitversicher do sinn, an datt de Mënsch, deen awer konkret engem Léisungsmittelgemësch oder engem Biozidgemësch ausgesat ass, jorelaang deemselwechte Gemësch ausgesat ass, a sengen Zëmmeren an a sengem Schlofzëmmer, während am Déiereversuch dat nëmme kuerz ass, sou datt een déi Saachen iwwerhaupt net ka vergläichen. Wann ee seet vum Déiereversuch hier ass et net geféierlech, dat get mir net duer, fir ze soen, datt dat och fir de Mënsch net geféierlech ass.

E véierte Punkt vu Kritiken, dee fir eis inakzeptabel ass, ass deen, deen och schonn erwähnt ginn ass, nämlech de Problem vun den Iwwergangszäiten am Artikel 19 vum Projet de loi. Iwwergangszäite fir déi al Bioziden, déi also nach dierfe bis 2010 um Marché bleiwen. Dat bedeit am Kloertext, datt all déi al Substanzen, déi dausende Leit noweisbar krank gemaach hunn, nach aacht Joer elo solle weider kënne fräi verkeeflech sinn an nach aacht Joer solle weider kënne nei Leit krank maachen. Dat ass fir eis inakzeptabel.

Wann een e Problem huet vun Iwwergangszäiten, wann dat seriö soll si vun Iwwergangszäiten, dann hätt ech mer kënne virstellen, datt een hätt kënne soe eventuell zwee Joer, oder mol nach dräi Joer Iwwergangszäit. An da Schluss. Awer net nach bis an d'Joer 2010. Och datt ass ee Grond, firwat datt mir déi dee Projet net kënne stëmmen.

E weidere Punkt, fir dat ze illustrieren an – ech si gläich fäerdeg, och wann ech lech nervös maachen -, fir zum Deel d'Absurditéit vun dëser Direktiv hei ze illustréieren. Dräi Beispiller nëmmen. Et gi beispillswies zwee heichgeféierlech Pestiziden, also Bioziden, nämlech de Lindan an de Methoxychlor. Déi dierfen ab d'Halschent dësem Joer an der Landwirtschaft, also dobaussen an der Loft, net méi gesprëzt ginn. Awer an der Schädlingsbekämpfung doheem, an den eegene Raim, an der eegener Wunnéng, oder am Holzschutzmittel, do bleiwen déi Substanzen erlaabt, Dat ass fir mech eng Absurditéit.

Dat selwecht gëllt fir deen anere Stoff, fir een berühmte Pyrethroid, de Permethrine, wou genau déi selwecht Situatioun do ass. An der Landwirtschaft dierf en net méi agesat ginn, awer doheem am eegene Schlofzëmmer, do ka roueg domadder gesprëzt gi géint d'Insekten. Dat ass fir mech eng Absurditéit déi weist, wat fir eng Widderspréch och nach an dëser Direktiv dra sinn.

#### (Interruption et coups de cloche de la Présidence)

Här Scheuer, ech erlaben lech wierklech hei mir net nozelauschteren, wann et lech net gefält, wat ech hei soen. Ech kann lech nëmme soen, wann Der lech...

M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech wëll elo net widerhuelen, wat Der gesot hutt.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- ...eng kleng Iddi iwwert dëse Sujet informéiert hätt, esou wéi Äre Spriecher, deen hei geschwat huet, den Här Wohlfart, da wéisst Der, datt ech hei kee Blödsinn schwätzen, mä datt dat Realitéit sinn.

#### (Interruptions)

E leschte Kritikpunkt, Dir Dammen an Dir Hären, ass den Artikel 20 vum Gesetz, deen och vum Här Halsdorf richtegerweis hei zitéiert ginn ass, wou et nämlech dem Ministère vun der Santé elo erlaabt ass, fir bis zu véier Expären direkt anstellen. Dat ass, an eisen Aen, absolut an dréngend noutwendeg, well mir der Meinung sinn, datt net nëmmen Äre Ministère, Här Gesondheitsminister, mä och de Statslabo personnelméisseg gesinn nach ganz staark ënneréquipéiert sinn, an datt do wierklech dréngend misst eppes gemaach ginn, fir och esou eng Direktiv kënne seriö ze kontrolléieren, duerchzesetzen an ëmzesetzen, fir datt dat iwwerhaupt méiglech kënnt ginn.

Vun eis aus hätt Der all Ënnerstützung, déi véier Leit direkt ze sichen a se anstellen, och wann Der misst op den auslännesche Marché goen, fir do en Toxikolog oder e Biolog anstellen. Dat wier an deem Fall ganz egal. Wann een eng Direktiv duerch e Projet wëllt ëmsetzen, da muss ee sech d'Moyene ginn, fir dat ze maachen. Da braucht Der dat Personal, fir dat ze maachen. Och do sot Der, mer kucken emol, mer waarden emol of, mer kucken emol fir an een, zwee Joer. Dat ass fir eis keng Haltung, déi seriö ass.

Bon, dat, Dir Dammen an Dir Hären, sinn déi véier Haaptpunkte vu Kritik déi mer un där Direktiv an och un dësem Projet de loi hunn. Et geet zum Deel an eng richteg Richtung, datt iwwerhaupt elo mol eppes gemaach gëtt, mä et geet eis net wäit genuch. Et si Widderspréch dran, et si Feeler dran, an aus deem Grond kënne mer déi Direktiv, dee Projet, esou net stëmmen. Mir wäerten eis duerfir dobäi enthalen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheitsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech relativ kuerz faassen. Ech wëll fir d'éischt selbstverständlech och dem Rapporteur fir deen excellenten an explizite Rapport félicitéieren.

Erlaabt mer vläicht e puer Umierkungen. Dat éischt, datt ass, an dat ass schonn ervirgeklongen, dass et effektivement e Projet de loi ass, dee komplex a schwéier ass. Ech muss och soen, dass mer dofir net sollen d'Préentioun hunn, bei deem heite Projet de loi alles esou gemaach ze hunn, wéi

et hätt sollte sinn. Ech mengen éischer, mir kéinte soen, mir hätten dat gemaach no eisem beschte Kënne a Wësse vun dësem Moment. Il va de soi, dass een no enger gewëssener Erfahrungszäit vläicht muss verschidde Redressementer an esou engem komplexe Projet de loi virhuelen.

Zweetens, et ass awer och geschwat ginn haaptsächlech iwwert déi Produits à faible risque, déi jo kënne duerch eng Procédure simplifiée, dat heescht duerch e Règlement grand-ducal festgesat ginn. Selbstverständlech kann ee mat där Saach net averstane sinn. Ech wollt awer dat éierbaart Parlament hei drop hiweisen, dass déi Procédure simplifiée an der Direktiv selwer virgesinn ass, dass et also net eng Erfindung ass vum Minister, respektiv vun anere Leit.

Déi drëtt Saach, vun där geschwat ginn ass, datt ass déi Période transitoire vun zéng Joer fir bestehend Bioziden. Selbstverständlech ass dat relativ laang. Et muss een op där anerer Säit awer och soen, vu dass déi Direktiv hei jo scho vum 14. Mee 2000 u leeft, sinn et en fait keng zéng Joer méi, mä et sinn nach just siwen an en halleft Joer. Ech mengen, och souguer do ass d'Direktiv explizit dran. Deen Délai ass och net hei vu Lëtzebuerg esou erfonnt ginn, dee steet an der Direktiv.

Véiertens sinn awer och eng Rei vu Recommandatiounen komm vun där enger oder vun där anerer Fraktioun, wou ech muss soen, datt ech hinnen net all muss Onrecht ginn. Wéi gesot, mir musse fir d'éischt e bësselche léiere bei dësem Gesetz. Ech sinn och iwwerzeegt, dass mer duerno wäerten d'Saache sensiblement verbessern, wann dat sollt néideg sinn.

Eng Saach awer schéngt mer effektivement ganz wichteg ze sinn, datt ass déi vun der Informatioun un de Public, dass de Public op alle Fall ëmmer no eisem beschte Wësse renseignéiert gëtt, wat kënnt geféierlech sinn a wat net.

Dat gesot, Här President, géif ech all deenen Honorabele merci soen, déi dëse Projet de loi, wou et trotzdeem ervirgeklongen ass, dass et e Schrëtt an déi richteg Richtung ass, wäerte stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4856 a stëmmen dríwer of.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 21 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hätte mer d'Lecture vun den Artikelen ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert dat virleidend Gesetz.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déijéineg déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4856 ass ugehall mat 47 Jo-, 7 Nee-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Fred Sunnen), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Mars Di Bartolomeo), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot).

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 17. Demandes en naturalisation

Als nächste Punkt vun eiser Tagesuerdnung hu mer d'Naturalisationen, dofir muss ech elo de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

\*\*\*

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber ass mat 43 Demandes en naturalisation saisiert ginn. Si huet an hirer net öffentlecher Sitzung 43 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugehall. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuenger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat 8 Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

#### Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 3 décembre 2002

- BALOGH Sandor Balint, né le 27 mars 1954 à Kunmadara (Hongrie), demeurant à Soleuvre
- BARBOSA MOREIRA Maria Manuela, née le 20 mars 1963 à Campo/Valongo (Portugal), demeurant à Differdange
- BARTOHOLOMEES Juthi, née le 17 mai 1978 à Calcutta (Inde), demeurant à Bettembourg
- BAUTISTA MARTE Elizabeth Antonia, née le 7 avril 1963 à Santo Domingo (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg
- BERNARD Jean Baptiste Raymond, né le 28 mai 1937 à Martelange (Belgique), demeurant à Dudelange
- COCCIA Sandro Giuseppe, né le 6 mai 1972 à Esch-sur-Alzette, demeurant à Belvaux
- CORREIA Joana Maria, née le 25 juin 1970 à Santo Crucifixo (Cap Vert), demeurant à Esch-sur-Alzette
- D'HERBAIS DE THUN Fabian, né le 25 juillet 1975 à Uccle (Belgique), demeurant à Dickweiler
- DA FONSECA GOMES Alexandrina, née le 2 mai 1963 à Santo Antonio das Pombas/Paul (Cap Vert), demeurant à Differdange
- DA SILVA FERREIRA Miguel Antonio, né le 22 mars 1973 à Mortagua (Portugal), demeurant à Bissen